N°3578
Entrée le 02.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„ Laut engem Artikel am Lëtzebuerger Bauer (*Editioun vum 30. Januar 2026*) goufen zanter dem Joreswiessel goufen an eisem Nopeschland Frankräich bei Päerd Ausbréch vun der sougenannter *Rhinopneumonie* gemellt. Dës Erkrankung, déi duerch den Herpesvirus-Typ 1 ausgeléist gëtt, ka bei de betraffene Päerd zu Otem- an neurologesche Problemer souwéi zu Feelgebuerte féieren. Betraff sinn ënner anerem Päerd aus den Nopesch-Departementer wéi zum Beispill dem *Département de Moselle* oder dem *Département du Bas-Rhin*.

Doriwwer eraus hu säit dem Hierscht 15 Departementer Fäll vu Päerdsgripp gemellt. De franséische Krisestaf vum Netzwierk fir d'epidemiologesch Iwwerwaachung vu Päerdskrankheeten rifft dozou op adequat Virsiichtsmoossnamen ze huele an déi betraffe Päerd wäitreechend z'isoléieren.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Sinn der ALVA an de leschte Méint Fäll vu Päerdskränkte gemellt ginn? Falls jo, wéi eng Recommandatioune gëtt d'ALVA de Päerdsbesëtzer fir d'Verbreedung vun de genannte Vire Meeschter ze ginn?
- Ass déi Lëtzebuerger Regierung am Kontakt mat hiren Homologen aus den Nopeschlänner wat d'Ausbreedung vun deene Krankheeten ugeet? “

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3578 vum éierewäerten Deputéierten Gusty Graas**

**Sinn der ALVA an de leschte Méint Fäll vu Päerdskränkte gemellt ginn? Falls jo, wéi eng Recommandatioune gëtt d'ALVA de Päerdsbesëtzer fir d'Verbreedung vun de genannte Vire Meeschter ze ginn?**

D'Infektioun mat dem *Equinen Herpesvirus 1* ass laut dem Code sanitaire vun der WOAH, der Welt Déieregesondheetsorganisatioun, meldepflichteg. D'ALVA huet 2025 an 2026 keen positiven Fall vun dëser Krankheet bei Päerd matgedeelt kritt. Aner Päerdskränkten sin der ALVA gemeld gin, des sinn an dem Rapport annuel nozeliesen. Well d'Infektioun mam EHV-1 net vun der EU Gesetzgebung reglementéiert ass, gëtt et hei keng offiziell Recommandatiounen. Et soll, wéi bei all Infektiounskrankheet, d'Verschleefen vum Virus evitéiert gin an dei erkrankten Déieren kënnen symptomatesch behandelt ginn.

**Ass déi Lëtzebuerger Regierung am Kontakt mat hiren Homologen aus den Nopeschlänner wat d'Ausbreedung vun deene Krankheeten ugeet? "**

Well d'Infektioun mam EHV-1 net vun der EU Gesetzgebung reglementéiert ass, ass hei op EU Niveau keen Austausch virgesinn.

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau